

12. 8427 – Projet de loi portant :

1^o transposition de la directive (UE) 2024/1174 du Parlement européen et du Conseil du 11 avril 2024 modifiant la directive 2014/59/UE et le règlement (UE) n^o 806/2014 en ce qui concerne certains aspects de l'exigence minimale de fonds propres et d'engagements éligibles ;

2^o mise en œuvre du règlement (UE) 2024/1623 du Parlement européen et du Conseil du 31 mai 2024 modifiant le règlement (UE) n^o 575/2013 en ce qui concerne les exigences pour risque de crédit, risque d'ajustement de l'évaluation de crédit, risque opérationnel et risque de marché et le plancher de fonds propres ;

3^o modification de :

a) la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier ;

b) la loi modifiée du 16 avril 2003 relative à l'assurance obligatoire de la responsabilité civile en matière de véhicules automoteurs ;

c) la loi du 19 décembre 2014 relative à la mise en œuvre du paquet d'avenir – première partie (2015) ;

d) la loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à la défaillance des établissements de crédit et de certaines entreprises d'investissement ;

e) la loi du 8 décembre 2021 relative à l'émission de lettres de gage

Op eistem Ordre du jour vun de Moie steet als nächste Punkt de Projet de loi 8427, d'Ëmsetze vun enger Rei europäeschen Direktiven, ënner anerem iwwert d'Minimalfuerderung fir Eegefongen an eligibel Verpflichtungen. Och dëse Projet steet ënnert dem Riedemodell avec rapport et sans débat. An hei huet dann den honorabelen Här Laurent Mosar als Rapporteur d'Wuert. Här Mosar.

Rapport de la Commission des Finances

M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur | Jo, merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, Dir Häre Ministeren, mam virleiende Gesetzestext 8427, deen den Här Finanzminister de 25. Juli 2024 an der Chamber déposéiert huet, hu mer et mat engem finanztechnesche Projet ze dinn, bei deem et, vereinfacht gesot, ëm d'Kapitalufuerderungen u Banken an Zukunft geet.

Et ass wéi ëmmer bei deene Gesetzer iwwer Kapitalufuerderungen en extreem wichtegt Gesetz fir d'Finanzstabilitéit, well mer alleguerde wëssen, datt, wann eng systemesche Bank rutscht, dat kann extrem grouss Inzidenzen op de ganze Bankesystem hunn.

Fir d'Widerstandsfäegkeet vun de Banken ze verbessern an de Risiko vu systemesche Krisen ze verklengeren, ginn elo e puer Gesetzer opgrond vu verschiddenen europäeschen Direktiven a Reglementer geännert. An ee vun deene weesentleche Punkte vun dësem Gesetz läit dann och am Beräich vun der Bankeresolution, déi dee sougenannte ganz floten Numm „Daisychains“ huet an déi dann haut och implementéiert gëtt. Ech muss allerdéngs soen, den Numm täuscht e bëssen, well de Projet de loi ass relativ dréchen.

Am Weesentleche geet et also hei drëms, datt d'Banken, déi solle gerett ginn, am Virfeld mussen nowiesen, datt se genuch Substanzen an hirem Bilan hunn. Dat gëllt souwuel fir déi Banken, déi eng administrativ Ofwécklung maachen, wéi och fir déi Banken, déi carrement liquidéiert ginn. Fir datt do den néidege Puffer besteet, muss dat néidegt Kapital och am Ufank vun de Banken disponibel sinn, fir an enger

éischter Phas d'Pertë kënnen ofzefiederden, a fir datt an enger zweeter Phas, wann et da géif komplett schifgoen, dann och nach genuch Substanz do ass.

Fir deem Rechnung ze droen, gi verschidde Modalitéiten ugepasst, wat déi sougenannte Resolutionsprozedur ugeet, fir dass déi kann erfollegräich ofgewéckelt ginn. Jee no Struktur respektiv no Gréisst vun enger Bank muss genuch Kapital do sinn, fir dass d'Stabilitéit vun deenen eenzelnen Entitéiten och gewärleescht gëtt. An deem Sënn gëtt dann och nach Basel III prezisiéiert, wou et ëm déi Bankereglementatioun geet.

Vu Basel III gëtt en europäesch Reegelwierk ofgeleet, vun deem mir hei zu Lëtzebuerg verschidden Optioune iwwerhuelen. Ervirezehewe wier ganz besonnesch d'Berechnung vum Risiko vu residentiellen Immobilienkreditte. Dat zielt net nëmme fir e groussen Immobilienprojet, mee dat zielt bei enger Bank zum Beispill och, wann d'Zomm vun den eenzelnen Immobilienkreditte, déi Privatleit hunn, e gewëssene Pfaffong iwwerschreit. Do muss een da kucken: Wéi déi eenzel Risikooptioune innerhalb vun de Memberstaate gemaach ginn. Déi eng Banken orientéiere sech direkt um Reegelwierk vu Basel III, wat d'Eegekapital betrëfft, aner Banke kënnen no interne Berechnungsmodeller funktionéieren.

Sënn an Zweck vun dësem Gesetz ass et, fir dës Bestëmmungen an eiser nationaler Gesetzgebung ze prezisiéieren, wou den Haaptpunkt deen ass: Wéi berechnen ech de Risiko bei der Gesamtvergab vu residentiellen Immobilienkreditte?

Dat kléngt, a kléngt och net nëmme, mee ass extreem technesch a komplizéiert. Mee mir hu vun den Experten aus dem Finanzministère awer all déi néideg Explikatiounen heizou an der Finanzkommissioun kritt.

Här President, e weidere Punkt vum Projet de loi betrëfft verschidden Upassungen an eiser Finanzgesetzgebung. Esou kënn et an der Bankeresolutionsgesetzgebung zu enger weesentlecher punktueller Upassung.

Wéi Dir alleguerde wësst, hunn d'Banken eng Lizenz, soss kéinte se jo net operationell sinn. Elo gëtt eng Flexibilitéit agebaut am Fall, wou eng Bank géif rëtschen. Nei ass, datt deejeinegen, deen dës Bank iwwerhëlt, och net onbedéngt muss selwer direkt eng Banklizenz hunn. Dat kann zum Beispill de Fall sinn, wann en Assurancégrupp de Repreneur ass, dee jo eigentlech keng Lizenz als Bank besëtzt. Dëse Grupp kéint dann temporär iwwert déi Lizenz fueren, als Bank vun där Entitéit, déi se iwwerhëlt.

De Finanzminister huet eis an der Finanzkommissioun informéiert, datt dës Flexibilitéit och eng Demande vom Secteur war, déi dann och vun der CSSF expressement approvüiert ginn ass.

Eng weider Ännerung kënn dann elo bei de generelle Krittäre vun de Bankenagrementen. Et gëtt och e ganz laange Verfarenprozess, wann eng Bank zu Lëtzebuerg wëllt operationell ginn. An dësem Verfarenprozess ginn elo verschidde Prezisioune virgeholl, fir dëse Prozess méi ze straffen a gegebenefalls och méi séier ofzewéckelen.

E weidere Punkt betrëfft déi sougenannte Pfandbréiwer. Hei gëtt méi Rechtssécherheet geschaft um Niveau vun der Valorisation vun den Aktivaen.

Beim Zukunftsfong gëtt beim Sekretariat, déi d'Suen aus dem Fong geréieren, eng Indemnitéit agefouert, well déi Leit hunn et bis dato onentgeltlech gemaach. Dat selwecht gëllt dann och nach fir den Assurancégarantiefong.

An zu gudder Lescht kommen dann nach verschidden Ofännerungen a verschiddenen Texter, déi reng

technescher Natur sinn, wou zum Beispill falsch Verweise op Artikeler redresséiert ginn.

Zu den Avisen. Zu dësem Gesetzestext sinn et nëmme zwee Avice ginn. Déi Europäesch Zentralbank kënn zur Konkusioun, dass verschidden Ännerungen net an hire Kompetenzberäich falen, an deemno huet si déi Dispositioun vum Gesetzestext och net aviséiert.

De Staatsrot huet dee komplexen Dossier den 12. November positiv aviséiert. Hien hat awer zwou Opposition-formellen op den Artikelen 9 an 10. Déi konnten awer entre-temps behuewe ginn, soudatt de Rapport vun der Finanzkommissioun den 13. Dezember ugeholl ginn ass an elo haut an hei an der Chamber zum Vott steet.

Ech hoffen op eng breet Zoustëmmung a soe Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Mosar, fir Äre schrëftlechen a fir Äre mündleche Rapport.

Dann huet d'Regierung d'Wuert. Här Minister.

Prise de position du Gouvernement

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Jo, merci, Här President. Dëse Projet de loi, deen heescht bei eis intern „Daisychains“. An et geet net ëm dem fréiere Rudolph Moshammer sengem Hond seng Ketten, ...

(Hilarité)

... mee hei geet et ëm en ...

(Interruption)

Jo, jo, jo, hei geet et ëm e wichtege Gesetzesprojet, deen net nëmme technescher Natur ass, wéi den Här Mosar dat virdu gesot huet, mee hei geet et och ëm richteg Politick, nämlech Finanzpolitick. Well en huet mat Recht drop higewisen: Et geet ëm Kapitalufuerderunge vu groussen Bankgruppen an et geet och ëm de Risiko vum Kapitalmanagement vun deene Bankgruppen. A wann ech Iech dat Stéchwuert soen aus der Schwäiz, „Crédit Suisse an UBS-Ofwécklung“, da wësst Der, dass dat hei eng Implikatioun huet, déi net nëmme zu Lëtzebuerg eng grouss Roll spillt, mee och doriwwer eraus.

An eng vun den Diskussiounen, déi um Niveau vun europäeschen Instanzen ass, ass déi: Kënn duerch déi Neiausrichtung eventuell eng Neiausrichtung och vun Amerika géintiwwer de Basel-III-Ufuerderungen? Dat heescht, hält déi nei Trump-Administratioun sech integral um déi Basel-III-Reegelen oder net? Dat wäert eng Fro sinn, déi sech am nächste Joer och d'Europäesch Unioun muss stellen a wou si gegebenefalls hir Politick do muss ajustéieren. Dat sinn also fundamental finanzpolitesch Dossier.

An eng vun den Haaptfroen – an den Här Mosar ass dorobber gaangen – ass d'Ofwécklung vun de Banken. Kréie mer et dohin, dass mer am Kontext vun der Europäescher Unioun e gemeinsaamt Reegelwierk hunn, wat d'Ofwécklung vun de groussen Finanzgruppen, a virun allem vun de Banken, reegelt?

An eng lescht Fro war déi vun de Pfandbréiwer. Dat war eppes, wat mer mol an der Zäit zu Lëtzebuerg kannt hunn. An duerfir maache mer an dësem Gesetz eng Upassung, fir do Rechtssécherheet ze schafen an engem Marché, deen erëm méi zu Lëtzebuerg opkënn, fir deem dann och dee Kader ze ginn, fir dass e sech positiv, dynamesch, am Interessi vun eiser Staatskeess kann entwéckelen.

Dat gesot, merci fir déi breet Zoustëmmung.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Minister. An domat wäre mer dann um Schluss vun den Diskussiounen zu dësem Projet ukomm.

A mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8427. Den Text steet am Document parlementaire 8427^s.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8427 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass domat ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, deemno keng Nee-Stëmm, keng Abstention. De Projet ass also eestëmmeg ugeholl ginn.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles (par M. Maurice Bauer), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusti Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par M. Yves Cruchten) et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

13. Ordre du jour

An als leschten, net als leschte Punkt, als theoretesch leschte Punkt vum eiselem Ordre du jour vum de Moie steet nach ee Gesetzestext, den 8048.

Mir probéieren awer, well mer relativ fréi an der Zäit sinn, ze kucken, datt mer d'Leit alleguer zesumme kréien, fir deen nächste Text, deen de Mëtte virgesi war, och scho kënnen de Moie matzehuelen. Wann eis dat gëllt, da fuere mer duerno, no dësem Text, weider. Ech wollt Iech just déi Informatioun ginn.

Plusieurs voix | Très bien!

14. 8048 – Projet de loi portant certaines modalités d'application et sanctions du règlement (UE) n° 1257/2013 du 20 novembre 2013 relatif au recyclage des navires et modifiant le règlement (CE) n° 10 13/2006 et la directive 2009/16/CE et modifiant la loi modifiée du 9 novembre 1990 portant approbation de certaines conventions internationales en matière maritime

M. Claude Wiseler, Président | An da komme mer elo zum Projet de loi 8048, d'Ëmsetze vum enger Rei

Modalitéiten a Sanktiounen vum europäesche Reglement iwwert de Recyclage vu Schëffer. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno folgendermoossen opgedeelt: D'Rapportrice huet 10 Minutten, déi eenzel Fraktiounen a Sensibilitéite 5 Minutten, d'Regierung huet 10 Minutten. Et hu sech schon ageschriwwen: d'Madamm Stéphanie Weydert, d'Madamm Paulette Lenert, den Här Tom Weidig, d'Madamm Joëlle Welfring an den Här Sven Clement. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Simone Beissel. Madamm Beissel, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Économie, des PME, de l'Énergie, de l'Espace et du Tourisme

Mme Simone Beissel (DP), rapportrice | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, dëst ass den drëtten maritimme Projet vum dësem Wanter hei an der Chamber.

Ëm wat geet et? Et sinn u sech dräi Punkten ervirzehiewen. Éischtens, de Projet de loi soll d'Applikationsmodalitéite vum EU-Reglement 1257/2013 an d'Sanktiounen dovun präziséieren; zweetens, verschidden internatiounal maritim Konventiounen approuvéieren; drëtten – an Dir wësst et, mir haten dat d'lescht Woch scho bei deenen anere maritimme Projeten – gëtt erëm eng Kéier de Lëtzeburger Regierungskommissär als zoustänneg Administratioun festgeluecht. An et kënnt derbäi, dass hien direkt och d'Autorisatioun kritt, fir eeben eng Partie oder all seng Missiounen un agreéiert Organisme virunze ginn.

Wat ass d'Rechtslag? De Projet de loi 8048 ass am Juli 2022 deponéiert ginn. Duerno koumen zwee konstruktiv Avis vum der Chambre de Commerce. Si hunn dat begréisst.

Duerno, oder deelweis parallel, koumen dräi Avis vum Staatsrot. Déi zwee éischt, déi ware ganz kritesch, do waren Opposition-formellen dran. Ëm wat ass et gaang? Ech hunn Iech gesot, et ass en EU-Reglement. An Dir wësst, dass en EU-Reglement d'application directe ass an de Memberstaaten. De Ministère hat awer eng Reformulatioun vu bestëmmten Dispositiounen gemaach, an do war déi héich Kierperschaft net dermat d'accord. Dunn ass nogebessert ginn. Den zweeten Avis war och nach ganz kritesch mat enger Opposition formelle. An du kum awer e klärende Bréif vum der zoustänneger Kommissioun, an do sinn déi Interpretatiounsdiierenzen, wann een dat gentiment esou kann nennen, du verschwonnen. An du huet de Staatsrot an engem drëtten Avis da säin Accord ginn.

Här President, de Kontext. D'Fro, d'Problematik vum der Entsuerung – mir soen och Schleefung oder Demontage oder Recyclage – vu Schëffer huet säit Joren international fir grouss Befierchtungen a Soucié gesuergt, well do total wëll gehandelt ginn ass, an et waren ëmmer immens Gefore fir d'Gesondheet, fir d'Sécherheet a fir d'ganz Ëmwelt an notament den Zoustand vum Mier.

Am Detail: Do ass Remedur geschaaft ginn. Dunn ass 2009, den 13. Mee (veullez lire: 15. Mee), déi international maritim Konventioun vum Hongkong ugeholl ginn, eebe vum den internationale Staaten. Lëtzebuerg huet déi Konventioun am Mee 2022 ratifizéiert.

Wat ass dann elo d'Kärstéck vum dëser Hongkong-Konventioun?

(M. Fernand Etgen prend la présidence.)

Éischtens, d'Konzeptioun, d'Preparatioun, de Bau an d'Exploitatioun vum alle Schëffer gëtt genau considéréiert, fir dass een herno weess, wéi ee se muss entsueren.

Zweetens, et gëtt ganz genau gekuckt, wéi d'Recyclageinstallatiounen exploitéiert ginn.

An drëtten, et gëtt och gekuckt, en appropriéierten Exekutiounsmechanismus fir déi Entsuerung ze maachen, well dat si ganz komplizéiert Operatiounen.

Här President, leider ass déi Hongkong-Konventioun haut awer nach ëmmer net en vigueur. Et sinn zwar 17 Staaten, déi se ratifizéiert hunn, dobäi néng europäesch Staaten. Dat ass déi éischt Konditioun. Mee et kënnt eng zweet Konditioun derbäi. Momentan sinn et nëmmen 29,7 %, also déi 17 Länner stellen nëmmen 29,7 % vum dem Bruttoregistertonnage vum der weltwäiter Handelsflott duer. An dat geet net duer, well et si 40 % verlaangt, fir dass déi Konventioun en vigueur kënnt.

Wat muss dann elo geschéien, fir dass se endlech en vigueur kënnt, fir dass se dann international spillt?

Wéi gesot, Staate sinn der genuch do: 15 Staaten, dat ass déi éischt Konditioun; et sinn der elo scho 17. Mee elo kënnt déi Zweet: Nach eng Kéier, et muss 40 % vum Bruttoregistertonnage vum der weltwäiter Handelsflott zesumme kommen. An drëtten – wat nach méi komplizéiert ass –: Hire maximale Joresrecyclage während de leschten zéng Joer muss 3 % vum Bruttoregistertonnage vum der weltwäiter Handelsflott duerstellen.

Elo ass et esou: Et kommen nach zwee oder dräi Länner derbäi aus Asien, an et geet een dervun aus, dass am Fréijoer 2025 déi maritim Hongkong-Konventioun dann endlech en vigueur kënnt. D'Organisation maritime internationale huet dat mol esou virgesinn.

Vu dass se awer net leeft, huet – wéi esou oft – d'Europäesch Unioun d'Kommissioun suppléiert a Remedur geschaaft duerch eeben dee Reglement, dee mer elo hei sollen unhuelen, also de Projet de loi, fir dee Reglement dann ze approuvéieren, oder éischer ze präziséieren, vu dass e jo d'application directe ass. Si hu Remedur geschaaft mat deem Reglement 1257/2013, fir eebe just derfir ze suergen, dass d'Gesondheet, d'Sécherheet an d'Ëmwelt geschützt gi bei deem Recyclage.

De Reglement, bon, wéi esou oft ... erënnert Iech, d'lescht Woch hate mer och schon déi Problematik, dass d'Europäesch Kommissioun mat Momenter méi streng ass wéi d'international maritim Konventiounen. Hei ass dat erëm de Fall. Bei deene Recyclagen, do si ganz oft ganz géfteg Substanzen, déi erauskommen, wa recycéléiert gëtt, an den EU-Reglement setzt nach op d'mannst ee geféierleche Produit op d'lescht vum deene geféierleche Substanzen.

Haaptzil vum Projet de loi, deen eis de Moien hei beschäftegt, ass also, d'Sanktiounen vum EU-Reglement 1257/2013 ze klärféieren. De Regierungskommissär, eemol méi an dësem Projet och, gëtt erëm eng Kéier als zoustänneg Verwaltung agesat.

(M. Claude Wiseler reprend la présidence.)

Ech hunn Iech geschwat vu geféierleche Substanzen, déi fräigesat ginn, wann esou e Schëff recycéléiert gëtt. An de Regierungskommissär huet, opgrond vum dësem Gesetz, d'Obligatioun oder d'Missioun, d'Kontroll ze maachen an och den Inventar dauernd à jour ze hale vum alleguerten deene geféierleche Substanzen, ëm déi et dann do elo geet.

Da muss de Schëffsbesëtzer ... An dat ass och eppes ganz Wichtiges. Well wann een e Schëff recycéléiert, dat kascht ganz vill Geld, an dofir waren e ganze Koup Schëffsbesëtzer net seriö an hunn de Recyclage net gemaach. Elo ass et esou: Dem Reglement no, wann ee wëllt e Schëff recycéléieren, da muss de